DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 7. Februar 2024

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden:

*„Et kënnt ëmmer nees vir, datt hei am Land Dokteren hir Zouloossung zum Beruff ewechgeholl kréien.*

*An deem Kader wollt ech* der Madamm Gesondheetsministesch *follgend Froe stellen:*

- *Wat sinn déi geleefegst Grënn, déi dozou féieren, datt een Dokter oder eng Doktesch hir Zouloossung verléieren?*
- *Wéi vill Dokteren an Doktesche kruten an de leschten zéng Joer hir Zouloossung ewechgeholl?*
- *A wat fir enge Spezialitéite war dat de Fall?*
- *Wéi ginn d'Doktere gepréift, déi ausserhalb vun der EU kommen an déi hiren Diplom och net an der EU kruten, iert se eng Zouloossung hei am Land kréien? Aus wat fir enge Grënn goufen der ënnert dësen net zum Déngscht zougelooss?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten